

6. Projet de loi 4900 relatif à la deuxième adaptation budgétaire du projet de construction du Centre national sportif et culturel

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi hätt ech déck Loscht, fir ze soen "jamais deux sans trois", woubäi ech hoffen, datt deen trois dann awer elo dëse Projet de loi ass, an datt mer net nach eng Kéier erëmkomme mussen an nach eng Rallonge stëmme mussen. Ech erkläre mech.

Et geet an dësem Projet de loi drëm, fir eng zweet Rallonge ze stëmmen, eng finanziell Rallonge am Intérêt vun eisem Centre national sportif et culturel, deen um Kierchbiërg gebaut gëtt. Duerch d'Gesetz vum 2. Mee 1996 ass festgehalen ginn, dass dëse Centre national gebaut géif an et war deemools eng Enveloppe budgétaire vun 2.000.500.000 Frang zrëckbehale ginn. Et muss ee vläicht zur allgemeinen Erklärung an Opfrëschung vun de Gedanke soen, datt deemools eng Enveloppe budgétaire vun dräi an enger halwer Milliard virgesi war a wann ech haut gesi bei wéi engem Resultat mer ukommen, dann hunn ech den Androck, dass mer besser gehat hätte vu vir era bei dëser Enveloppe budgétaire ze bleiwen.

A wann ech d'Evolution vun dësem Dossier gesinn, dann ass et ganz kloer d'Opfuerderung un eis all an Zukunft, wann d'Projete gestëmmt ginn, fir och ausgewogen Enveloppes budgétaires bei Devisé vu vir eran ze stëmmen an, wann Ëmännerunge komme sollten, dass een déi och zur Zäit duerch ee Gesetz hei an der Chamber virgesäit, amplaz dass een an esou Situatiounen kënnt wéi déi heiten, wou een dann ëmmer an ëmmer erëm nostëmme muss.

1996 ass also dat éischt Gesetz gestëmmt ginn. Duerch d'Gesetz vum 29. Juni 2000 huet dunn dëse Centre de Statut d'établissement public kritt an et ass du fläisseg op dësem Chantier geschafft ginn, mä mir hunn awer du relativ séier feststelle mussen, dass Sue gefeelt hunn. An dunn ass duerch d'Gesetz vum 11. August 2001 eng Enveloppe budgétaire nogestëmmt gi vu 578 Milliounen Lëtzebuerger Frang, mä domat net genuch, well am Dezember d'lescht Joer huet sech gewisen, dass och dës zweet Enveloppe budgétaire net duer goe géif, an datt mer nostëmme missten.

Doropshi sinn d'Mme Brasseur an d'Mme Hennicot-Schoepges bei d'Kommissioun vum Contrôle de l'exécution budgétaire gaangen an hunn d'Situatioun duergeluegt. An där Kommissiounssëtzung ass dunn zrëckbehale ginn, dass Suen nogestëmmt gi sollen, mä iwwer e Gesetz, mä wou dat Gesetz déi Suen hierhuele sollt.

Dat war an där Kommissiounssëtzung net festgehalen ginn an deementspreechend huet d'Mme Brasseur e Projet de loi deponéiert am Ufank vun dësem Joer, wou se festgehalen huet, dass einfach e Crédit budgétaire, dee fir de Fonctionnement vun deem Centre national virgesinn ass, wat iwwregens e Crédit budgétaire non limitatif ass, eropgesat géif ginn op eng Zomm vu 5,321 Milliounen Euro.

Dës Iddi ass awer net fir gutt befonnt ginn, weder vun der Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire nach vum Statsrot, dee säin Avis de 19. Februar vun dësem Joer ginn huet. De Statsrot huet dräi Pisten opgezeechent, wou hien der Meenung wär, dass ee sollt déi Suen hierhuelen: Entweder aus dem Fonds d'investissements publics, iwwert d'Loi de garantie oder aus dem Fonds d'équipement sportif national.

An der Commission de l'Education nationale, den 28. Februar, hate mer eng eingehend Diskussioun mam Ministère a sinn dunn éischter op de Wunsch vum Ministère agaangen an hu gesot: Mir schafen en neie Budgetartikel, dee mer "dotation au centre national sportif et culturel dans l'intérêt de travaux de parachèvement et pour l'acquisition d'équipements spéciaux" nennen.

Dës Proposition ass op de Veto gefall vun der Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire. Doropshi ass een Amendement un de Statsrot gaangen, wou mer festgehalen hunn, dass mer géifen op d'Loi de garantie zrëckgräifen. Domat war de Statsrot d'accord an deementspreechend ass dëse Rapport geschriwwen ginn.

Et ass eng weëneg louabel Démarche mat där mer haut konfrontéiert sinn a wéi gesot, et ass mäin Appel un Iech, dass, wann esou grouss Projeten erakommen, eng adequat Enveloppe budgétaire derbäi gestëmmt gëtt, respektiv wann en cours de route ee gesäit, dass d'Suen net duerginn, déi Dépenses da richteg ageschätzt ginn.

Wann een dëse Parcours gesäit, huet en op alle Fall eppes Positives u sech: Wéi den zweete Projet de loi deponéiert gouf, hat d'Mme Brasseur gefrot, fir eng Enveloppe budgétaire ze kréie vu 5,321 Milliounen Euro. Mëttlerweile si mer bei enger Enveloppe budgétaire vu 7.035.779 Euro. Ech kann nëmmen hoffen, wéi ech dat am Ufank scho gesot hunn, "jamais deux sans trois", dass mer net nach eng drëtze Kéier mussen eng Rallonge stëmmen, well dat wär dat weënegst Louabelst, wat mer eis bei dësem Projet wënsche kéinten.

Vu dass mer wëssen, dass den Tour de France virun der Dier steet, vu dass mer wëssen, dass mer dëse Baute-projet mussen iwwert d'Bühn kréien, kann ech nëmmen am Numm vun der Kommissioun der Chamber recommandéieren dëse Projet ze stëmmen, mä Appel un d'Disziplin, fir dass esou Projeten an Zukunft net nach wäerten op eis falen, well dat ass séier weëneg agréabel.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Norbert Hauptert.

Discussion générale

M. Norbert Hauptert (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech wollt ech nëmmen den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn, well en awer esou eng laang Virgeschicht huet, wéi d'Mme Durdu et elo grad gesot huet, eng Geschicht, déi scho virun 1980 ugaangen ass, wou de Bau vun der Piscine olympique geplangt gi war, wëll ech dozou e puer Wieder verléieren.

Schonn deemools war virgesinn, dass, wann de Bau vun der Piscine fäerdeg wär, dësse Projet géing iwwert d'Bühn goen. Wa mer en deemools gestëmmt hätten, wier e bestëmmt vill méi bëlleeg ginn, wéi dat haut de Fall ass, mä deemools hate mer net esou vill Sue wéi haut, an de Projet huet missen op déi laang Bänk geschubst ginn.

M. Robert Mehlen (ADR).- An elo ass en nach iwwert d'Loi de garantie gelaf!

M. Norbert Hauptert (CSV).- Esou gesäit een, wéi een awer nach zu enger richteger Léisung ka kommen.

Et ass ee Projet, deen en Dépassement mat sech bruecht huet iwwert zwee Amendementer, déi praktesch méi wéi 25% vum initiale Präis vum Projet ausmaachen, wat engem enorm kann erschéngen. Wann ech hei intervenéieren, dann ass et, fir e puer Erklärungen zu deem Dépassement ze ginn.

Et ass ee Projet vun engem Centre national sportif, e Projet, deen net alldeeglech ass. Et ass een eemolege Projet, wann een esou soe kann, esou dass d'Servicer vun de Bâtiments publics net konnten op hir Iddien a besonnesch op hir Erfahrungen, déi se beim Bau vu Stroossen, vu Schoulen oder beim Bau vun Altersheimer a Spideeler kritt hunn, zréckgräifen, esou dass an dësem Projet eng Iwwerschreidung vun dem Devis méi ze entschëllegen ass wéi dat bei anere Projekte vläicht de Fall ass.

Eng zweet Erklärung läit doran, dass am Laf vum Bau vum Zenter eng Rei vu Problemer sech gestallt hunn. Éischtens emol, dass de Fonds du Kirchberg een ënnerierdege Parking, deen am Fong geholl net virgesi war, gebaut huet, Parking, dee fir dësse Projet eng ganz Rëtsch vu Problemer mat sech bruecht huet, well verschidden Adaptatiounen hu misse virgeholl ginn. Datselwecht gëllt wat d'Cogénératiounsanglag ugeet.

Da kouw nach de Problem vun der Struktur vun der Coque derbäi, deen ebenfalls finanziell an d'Woschuel geschloen huet. Dann nach den Amenagement vun den Aussenanlagen. Dat ass eppes, wat mer ëmmer kritiséiert hunn, well dat, wéi och bei all deene Projekte vir-drin, net am Projet initial abegraff ass, herno awer d'Projeten ëmmer erëm verdeiert.

En drëttes Problem war dee vun de Federatiounen. D'Federatiounen hunn ufanks missen hir Besoinen u Material dem Ministère eraginn, an au fur et à mesure, wéi de Projet sech dévoppéiert huet, sinn nei Besoinen entstanen. Wéi de Bau finaliséiert ginn ass, hunn d'Federatiounen awer nach Problemer gesinn, wat hir Equipementer ubelaangt huet, wat och zur Verdeierung vun deem Ganze bäigedroen huet.

Och ass iwwert d'Gesetz vum 29. Mee 2000 en Etablissement public geschafe ginn, dee mat der Gestiou vum dem Sportszenter beoptraagt ginn ass. Wann et och esou ass, dass deen Etablissement public am Fong geholl net als Oplag huet, fir deen Zenter rationell ze féieren, dat heescht, ze rentabiliséieren, esou ass awer trotzdeem seng Missioun, fir en esou gutt a rationell wéi nëmme méiglech ze gëieren. Dofir huet deen Etablissement public och verschidden Oplage gemaach, fir dass en d'Gestiou vum Zenter esou gutt wéi méiglech kann duerchféieren, wat zu enger weiderer Verdeierung vun dem Käschtepunkt bäigedroen huet.

Dat sinn, a mengen Aen, d'Haaptursaache vun deenen Amendementer zum initiale Projet. Zwee Amendementer, wéi d'Mme Durdu et scho gesot huet, déi bal 20 Milliounen Euro weider kaschten, wéi dat am initiale Projet virgesi war, an déi eng Verdeierung vu méi wéi 25% verursaachen. Dës soll eng Erklärung, awer net onbedingt eng Entschëllegung fir déi Dépassementer sinn.

Am Intérêt vun der Fäerdegstellung vun deem ganze Projet, wär ech frou, wann dësse Projet de loi eng grouss Zoustëmmung an der Chamber géif fannen. Ech ginn och heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Centre national sportif et culturel huet eng laang Virgeschicht. Vill Leit heibannen an der Chamber waren am Ufank iwwerhaapt net dervun iwwerzeegt, dass mer esou eppes bräichten. Ech wëll dat just an Erënnerung bréngen.

Mir hu géint de Wëlle vun engem ganze Koup Leit dee Projet sengerzäit misse realiséieren. En ass virun de Wahlen vun 1994 nach eng Kéier gestoppt ginn, obwuel schonn e Projet virlong. Et war, wéi Der all wësst, net einfach fir dësse Projet fir een eenzege groussen nationale Sportszenter, dee sämtlech Sportsarten, sämtlech Sportsdisziplinen, déi zu Lëtzebuerg praktizéiert ginn, duerchzebréngen. Ech weess, et ass net fir de Velo, et ass net fir de Football, och net fir den Tennis, dee jo en nationalen Zenter huet. De gréissten Deel vun de Sportsarten fënnt awer endlech do eng Bleibe. Mir waren dem Sport dat och schëlleg.

Den Här Hauptert huet sech ganz vill Méi ginn ze explizéieren - wat ganz louabel ass -, firwat et zu dëser zweeter Rallonge kënnt, firwat et zweemol zu Dépasse-

menter komm ass. Wann een et esou wëllt, ass et am Fong geholl scho fir d'Drëtt, dass Dépassementer ugekënnegt gi sinn, mä mir hunn et fäerdeg bruecht, dass déi drëtt Rallonge an déi zweet Rallonge eragefloss ass.

Mir mussen awer och aus dësem Bau Léieren zéien. Sengerzäit hu mer de Projet ganz allgemeng politesch ze deier fonnt. Dat war den Uspronk vum Misär u sech. Dunn ass de Projet gekierzt ginn a Saache sinn net mat agebaut ginn: de Parking, d'Alentouren. Et ass evident, dass mer dat net méi däerfe maachen, well mir gesinn elo zu wat dat féiert. Besonnesch dat neit Kontabilitéitsgesetz léisst net méi esou Dépassementer zou, wéi se nach méiglech ware bei der Piscine olympique. Do waren allègrement 89% Dépassementer. Déi Zäit huet ee scheinbar net missen en anert Gesetz maachen, wann een esou Dépassementer hat. Do huet d'Chamber zwee Aen zougedréckt an huet dat duerchgoe gelooss. Dat ass elo net méi méiglech. Dofir muss een an der Virphas anescht plangen an et muss ee virun allem dat Finanziellt anescht plangen.

De Statsminister huet d'lescht Joer ugekënnegt, de Bauteministère géing eis e Projet de loi eraginn, deen eng aner Prozedur géif virgesinn, wéi mer zu der Käschtberechnung vun esou grouse Projekte kéimen. Et ass d'lescht Joer ugekënnegt ginn, dat wier imminent. Ech muss feststellen, dass déi nei Prozedur nach net do ass. Dass mer se brauchen, däers si mir alleguer eens, well mir hunn elo un Hand vun e puer Beispiller gesinn, dass déi Prozedur, déi mir hunn, fir zu engem Präis ze kommen, dee mer schlussendlech ofstëmmen, net noutgedrongen déi glécklechst ass an dass, virun allem bei deene Präisadaptatiounen, déi Hausse légale, déi mir stëmmen, och nach jiddferen eppes anescht drënner versteet a mer eis mussen eens ginn, wat dat schlussendlech heescht.

Wéi déi éischt Rallonge - Parking an Alentouren haaptsächlech - vun der Chamber gestëmmt ginn ass, do muss ech soen, dass d'Aart a Weis, wéi dat iwwert d'Bühn gaangen ass, net digne war.

Mir hunn ee reelle Problem. Mir hunn iergendwann 1987 decidéiert, dass d'Bauteprojeten an Zukunft vum Baute-ministère, mat e puer Ausnahmen, géinge gebaut gi fir de Kont vun anere Ministère. Hei hu mer d'Beispill vun zwou Administratiounen, déi net kollaboréiert hunn an déi de Politiker, souwuel heibanne wéi op der Regierungsbänk, heiansdo an d'Messer lafe gelooss hunn.

D'Politiker mussen Décisiounen huelen, déi hinnen net behagen, och wann de Projet als solch hinnen net méssfällt. Si mussen Décisiounen huelen a Prozedure ratifizéieren, déi si u sech net provoziert hunn.

Ech hu fonnt, dass et indigne war, wéi dat ofgelaf ass. Dat beschte Beispill hate mer, wéi mer iwwert déi zweet Rallonge an der Budgetkontrollkommissioun geschwat hunn, wéi ee gesinn huet, dass déi zwou Administra-

tiounen net fir zwee Su harmonéiert hunn a se scheinbar emol net gewëllt waren zesummen ze schaffen.

Ech muss soen, Mme Minister, Dir sidd deemools komm an hat eng Iddi, grad ewéi de Budgetsminister. No fënnef Minutten hu mer gesot, déi Iddi, déi kënne mer net acceptéieren, fir iwwert e Crédit non limitatif de fonctionnement ze fuere bei engem Objet, deen u sech eng Loi spéciale bedéngt, do muss och d'Rallonge, alles wat derzou gehéiert, iwwert eng Loi spéciale goen.

Mir sinn an der Konklusioun bliwwen, dass esou schnell wéi méiglech dee Projet sollt deponéiert ginn, well Dir eis och déi Datume genannt hutt, déi usténgen: Tour de France an anerer.

D'Chamber huet, mengen ech, dat Gréisstméiglechst gemaach, fir dass et schnell sollt goen. Mir hu gesot, dass op kee Fall et dierft iwwert de Crédit de fonctionnement goen. Ech muss soen, ech hunn d'Welt net méi verstanen, wéi ech dëse Projet gesinn hunn, dee just de Contraire war vun deem, wat eng Kommissioun vun der Chamber der Regierung mat op de Wee ginn hat. Dieu sait, dass mer probéiert hunn ze kollaboréieren. Mir hu gekuckt inwiefern, vu dass et just viru Chrëschttag war, et eventuell méiglech wär, dass et kënnt viru Chrëschttag nach déposéiert ginn.

Meng zweet Iwwerraschung war déi, wéi ech den Datum vum Dépôt gesinn hunn, well mir eis hei krisdillegt hunn a Sitzungen, déi mer dertëschtent gequëtscht hunn, während mer de Budget haten, muerens fréi zu ongewinnnten Zäite Kommissiounssitzunge veranstaalt hunn, wär et doropshi méiglech gewiescht den 22., den 23., iergendwann an där Period vum Dezember, dee Projet ze deponéieren. Wéi ech dun awer de Projet kritt hunn, steet den Datum vum 16. Januar do als Datum vum Dépôt. Dat ass fir mech onverstandlech.

Wann hei esou vill Leit sech Méi ginn hunn, dass dat schnell sollt virugoen - an ech kënnt mer virstellen, dass et net d'Responsabilitéit vun lech, Mme Minister, ass -, ass et onverstandlech fir een, deen herno muss d'Hand hei derfir hiewen, dass dat esou laang gedauert huet, well mir ware gewëllt alles ze maachen, fir dass et schnell géing goen.

(Interruption)

Ech hu jo gesot, ech maachen lech perséinlech do de Prozess net. Ech maachen der Regierung en am Fong geholl stellvertriedend fir hir Administratiounen. Ech hunn dee Krich tëscht zwou Administratiounen jo en direct awer mat erlieft, wéi vill aner Kollegen, an dofir kann ech lech net selwer de Prozess maachen. Ech muss lech allerdéngs zur Verantwortung ruffen. D'Fonctionnaire sinn der Chamber net Rechenschaft schëlleg.

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Ech maachen lech awer kee Prozess, well Dir waart de Rapporteur vun deem Gesetz an Dir hutt net drop opmierksam gemaach an den Här Goebels och net. Ech zitieren lech nach.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Dass d'Verdunklung net do wier, dorop hunn ech net opmierksam gemaach. Jo, ech weess, et ass an Zukunft d'Responsabilitéit vum Rapporteur wann eng Schrauf feelt oder déi falsch Schlësselanlag bestallt ginn ass.

(Interruptions)

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Dat war Är Wäitsicht! Dat waren déi Visiounen, déi Dir hat wéi Dir dee Projet gemaach hutt!

(Hilarité)

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här Rippinger, ech hunn hei probéiert eng anstänneg an eng propper Analys ze maachen, wéi ech mengen, dass dat heien indigne of-gelaf ass. Ech kann awer och eng Polemik féieren, wann Dir wëllt. Ech hunn et net probéiert ze maachen. Ech hu probéiert sachlech ze bleiwen an ech hunn der Mme Minister hei net direkt Virwërf gemaach, mä wann Dir awer hei wëllt dréiwwe ewechkucken, dass zwou Administratiounen net hir Aarbecht an där Form gemaach hunn, da sot dat hei public.

Wann Dir der Meenung sidd, dass de Rapporteur dat do hätt wësse missen, da froen ech mech wat fir eng Roll an Zukunft de Rapporteur spille misst. Soll ech lech soen, dass ech bis haut nach drop ze waarden hunn als Rapporteur eng Kéier - wann ech mech net privat invitéiert hätt - invitéiert gewiescht ze si bei all deene Problemer, déi entstanen sinn, fir mer déi eemol explizéieren ze loossen. Dat ass net de Fall. Ech krut de Projet mol net virgestallt, ech hu mech misste privat invitéieren. Also da muss de Rapporteur an Zukunft eng ganz aner Roll ze spille kréien, wann Dir gären hätt, dass en d'Responsabilitéit fir all Schrauf huele wëllt.

(Interruption)

Ech muss soen, dass déi Léisung, déi elo fonnt ginn ass, eben eng ass, déi mer am Ufank proposéiert hunn - elle coule de source -, ech mengen déi éischt Rallonge hu mer esou gesat a mir sollten déi zweet och esou maachen, eis Fraktioun wäert dat do och stëmmen.

Ech wëll just drop opmierksam maachen, dass wou mer déi éischt Rallonge gestëmmt hunn, mer alleguerten hei am Sall gesot hunn: Ass dat do dann elo de Schluss? An deemools krute mer verséichert: Jo, dat ass de Schluss. An ech muss soen, dass et awer inakzeptabel ass, dass een esou eppes erzielt kritt an dann e puer Méint dono kritt een als Politiker erëm eng Kéier den Dossier op den Dësch.

Als lescht Remarque wëll ech soen, dass ech mer virstelle kënn, dass dat eent oder dat anert nach vergiess ginn ass. Dat ass méiglech. Ech kënn mer duerchaus virstellen, dass am Règlement grand-ducal och drasteet, dass eenzel Investissementer, déi elo net direkt an de Beräich vum, loosse mer soen, premier équipement falen an Zukunft iwwert déi Ligne budgétaire solle finanzéiert ginn.

Ech menge mir mussen zwar fairnesshalber op eppes oppassen. Wa mer eng Analys vun der Evolutioun vum Sportsbudget maachen, dass mer do eng kleng Trennung maachen tëschent deem wat ee ganz groussen Objet, deen eenzeg, dee mer an där Form hei zu Lëtzebuerg hunn, wat deen u sech vu Kreditter da benoutwendegt a Prozenter ausgedréckt vun deem ganze Budget, an deem wat dem Rescht vun der Sportswelt u sech zoukënnt, dat wat klasesch am Fong geholl de Sportsbudget bis elo ausgemaach huet, well soss verfälsche mer d'Bild total, well soss gëtt et eng riseg Steigerung am Sportsbudget, déi awer leider nëmmen an ee Bau geet an de Rescht vun der Sportswelt nëmmen indirekt beréiert asoufern et nëmmen am Fong geholl d'Praxis vun enger Rei Federatiounen ass an nach nëmme meeschtendeels vun hiren Nationalkaderen. Dat gesot Här President, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem dote Projet.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

M. Claude Meisch (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischt der Rapportrice, der Mme Agny Durdu, villmools merci soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen an och mëndleche Rapport, deen hei och nach eng Kéier den Historique gemaach huet vun der Evolutioun vun deem dote Projet. Ech menge mir kënnen alleguerten hoffen, dass dat heien déi lescht parlamentaresch Etapp ass, déi de Centre national sportif et culturel huele muss.

Et ass jo schonn op d'Wichtigkeet vun deem Centre opmierksam gemaach ginn. En ass wichtig, fir och op internationalem Plang bedeitend sportlech an och kulturell Manifestatiounen hei am Land ofhalen ze kënnen. Och den Tour de France, dee jo elo deemnächst sàin Départ do huele wäert, ass schonn ernimmt ginn.

(Interruption)

Här Gira, da musst Dir och nolauscheren.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Ech lauschtere jo no!

M. Claude Meisch (DP). - Mir wäerten hei mat dësem Gesetz nach eng Kéier eng Enveloppe vu 5.321.000 Euro nostëmmen an ech wollt mat deene klengen Hiweiser, déi ech hei nach eng Kéier ginn hunn, den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei abréngen.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Avis vum Conseil d'Etat zu dësem Projet de loi vum 19. Februar seet Folgendes: "Le projet du Centre national sportif et culturel ne se distingue nullement par une rigueur, une exactitude

voire une clarté nécessaires à une gestion correcte de deniers publics." An de Conseil d'Etat hésitéiert souguer net, fir ze soen hei wiere grave Dysfonctionnement an där Dysfonctionnement ginn et an deem ganzen Dossier net nëmmen e puer.

D'Mme Ministerin vun der Education nationale huet vläicht - an dorop wäert ech méi spéit ze schwätze kommen - net esou vill mat deem Dossier ze dinn. D'Mme Bauteministerin och net esou vill, mä dee virechte Bauteminister, den LSAP-Minister, den Här Goebbels, huet e bësselche méi mat deem ganzen Dossier ze dinn an ech mengen et muss een awer hei e bësse vun der Vergaangenheet schwätzen.

(Interruptions)

Wat de Bau selwer ugeet esou muss ee sech wonnere wéi et do vun Ufank un zougaangen ass.

1. Den Devis initial vun 2,5 Milliarde war komplett falsch. Mir hunn 1996 dat ervirgestrach, mä et huet keen ons nogelauschtert, wéi ech deemools gesot hunn, datt déi deemoleg parlamentaresch Majoritéit vun CSV an LSAP e parlamentareschen a finanzielle Blindflug ugoe géingen an deem Dossier, du gouf deemools protestéiert a gejaut. Leider, fir de Steierzueler, hu mer Recht behalen.
2. Déi sonnerbar Aart a Weis wéi et bei der Ausschreibung gaangen ass. Mir hate siwe Submittenten. D'Soludec war mat 1.082.000.000 déi bëllegst Firma, mä déi Firma gouf net zrëckbehalen, mä et ass déi zweetbëllegst Firma, déi däitsch Firma Hochtief, geholl ginn. Firwat weess keen! Ech hunn der Mme Baute-ministerin eng Fro an deem Kontext gestallt, si konnt mer net drop äntweren.

Une voix.- Dir hätt den Här Goebbels misste froen, Här Henckes!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Den Här Goebbels hätt ech och gäre gefrot, mä deem äntwert engem jo léiwer iwwert d'"Lëtzebuerger Wort". Da muss ee waarde bis vläicht do an nächster Zäit nees en Interview an d'Zeitung kënnt.

Jiddferree wosst, datt Hochtief dee Projet kréie géing, well Hochtief bal all Projet um Kierchbiereg zougeschoustert kritt huet. An all Projet, dee se ugaange sinn, gouf et riseg Dépassement, déi hinnen et erlaabt hu gutt ze verdéngen. Déi lëtzebuergesch Entrepreneuren, déi eliminéiert goufen, hu sech net nëmmen e bësse geiergert. Dat gung souguer esou wäit, datt de Kierchbiereg ëmgedeeft gouf an Church-Hill, nom Numm vum President vun Hochtief, deem och Church geheescht huet.

Et muss een och soen, datt, wann een den Dossier kuckt, wéi déi Firma do uewe gebaut huet an alles wat do uewe geschitt ass, da gesäit een, een aus de Schlagzeilen net erauskënnt. Mir gesinn, datt zum Beispill beim Bâtiment Monnet 800 Milliounen Loyerer nach ausstinn,

hic et nunc, et weess kee wou deem Dossier drun ass. Et si Streidereien tëschent der Regierung, der Hochtief an der Commission européenne. Ech hunn hei alles schéi brav a Questions parlementaires nogefrot, mä bis haut ass nach keng Äntwert dorop komm.

Mir hate Problemer wat d'Gesellschaft Eurostat ugeet, wou déi an deem Bâtiment logéiert ass. Mir gesi beim Bâtiment vun der Cour européenne de justice, wou och gebaut ginn ass, datt d'Cour des Comptes européens Folgendes festhält: "Les coûts de construction n'ont pas été maîtrisés. L'administration luxembourgeoise n'a pas respecté l'esprit des procédures communautaires de marché public. L'administration luxembourgeoise s'engage à vendre des bâtiments, dont elle n'est toujours pas à l'époque propriétaire. Le montage juridique financier s'est avéré onéreux." Dat sinn alles Sätz, déi och op dëse Projet zoutreffen.

"La commission estime que ce cumul...", dat war eis Kontrollkommissioun, "...entre les fonctions de promoteur et de réalisateur d'un grand chantier ne constitue pas la formule la plus appropriée. Les responsables gouvernementaux ont assuré à la commission que ce système n'était plus utilisé." Leider ass an der Commission des Travaux publics elo nees erëm en neie Projet de loi déposéiert an aviséiert ginn, wou haargenau déiselwecht Prozedur nees zrëckbehalen ginn ass.

Firwat léiert d'Regierung, firwat léieren d'Administrationen net aus hire Feeler? Dee Rapport, deem ech hei zitieren ass de Rapport vum Här Ben Fayot, wou ganz kloer gewise ginn ass, datt déi Aart a Weis, wéi hei um Kierchbiereg prozedéiert ginn ass, falsch ass, datt se ze deier ass. An da fuere mer awer nach monter virun.

3. Deen drëtten Punkt deem ee beanstande muss ass de Prix forfaitaire non révisable. D'Submittenten hunn, wéi se de Kontrakt ënnerschriwwen hunn, engem Prix forfaitaire global non révisable zougestëmmt. Si haten d'Méiglechkeet all Froen ze stellen, all Detailen an all technesch Detailen unzefroen. An awer gesäit een, datt herno sou genannten technesch Modifikatiounen virgeholl gi sinn: um Daach, um Gros-oeuvre, un de Fassaden, um Parking provisoire, alles baséiert op enger Sous-estimation des masses. All lëtzebuergesch Entreprise, déi e Contrat forfaitaire non révisable huet, kritt kee Frang bäigesat, wa se sech am Mètre geiert huet an net déi richteg Froe gestallt huet, mä wann et eng däitsch Firma Hochtief ass, déi ganz vill an de Schlagzeilen am Ausland steet, da kritt déi hei Honnerte Milliounen vum lëtzebuergesche Stat no-bezuelt.

Dat ass absolut skandaléis, Mme Minister, an et muss ee sech och d'Fro stellen, wéi iwwerhaupt de lëtzebuergesche Stat op dee Wee goe konnt. D'Majoritéit huet de Supplément de devis gestëmmt, mä dann hat een nach geduecht, datt da wéinstens en conformité mam Marché-Public-Gesetz geschafft gi géif. A wouhier! Och

dat Gesetz gëtt systematesch ignoréiert, well eng Extension de marché public nëmme méiglech ass am Rahme vun 20% vum Marché initial. Dee Marché initial war eng Milliard, 20% vun enger Milliard maachen 200 Milliounen aus. Mir hunn awer déi leschte Kéier hei en Devis gestëmmt vun 250 Milliounen. Et hätt also missen eng nei Soumissioun geschéien, wéinstens fir verschidden Deeler. Ech hunn esou d'Impressioun, datt iwwerhaapt keng Soumissioun gemaach ginn ass, mä datt déiselwecht Firma, déi am Ufank um Bau war, och weidergefuer ass.

4. 1996 hat ech Bedenken ausgedréckt zu de Frais de gestion a gesot, datt d'CSV-LSAP-Regierung e Bau dohinnerseze géing, mä datt se sech net mat der Gestiou bfaasst hätt. Effektiv gesäit een, datt d'Frais d'installation an enger éischter Estimatioun vun 1995 op 2 Milliounen Euro geschat gi sinn, 1996 goufe se op 3 Milliounen Euro geschat an haut gi se op iwwer 7 Milliounen Euro geschat. Et muss ee feststellen, datt ech mam beschte Wëllen, egal wéi héich ech den Index rechnen, awer net op déi Montanten do kommen. Do gesäit een, datt hei op eng ganz lacunös, op eng schlecht Aart a Weis, dee ganzen Dossier virbereet ginn ass.

Da gesäit een och elo, datt mer verschidden Ausgabe stëmme sollen, déi zum gréissten Deel, wann net bal exklusiv, mat der Exploitatioun a mam Fonctionnement ze dinn hunn. Et geet ëm Lingerie, Equipement a Schief. Normalerweis missten dës Wuere vum Centre selwer, deen en Etablissement public ass, iwwert de Wee vu Soumissiounen kaaft ginn. Mir fuerderen, Mme Ministerin, datt d'Marché-public-Gesetz agehale gëtt, strikt agehale gëtt, an datt et zu de Soumissiounen kënnt, an datt net herno eng Firma oder e puer Firmen iwwer Marchés de gré à gré 7 Milliounen Euro zougeschoustert kréien, well d'Aart a Weis, wéi hei d'Administratioun mam Prinzip vum Marché de gré à gré verfiert, ass eng fir verschidde Firme verschidde Commanden zougeschousteren ouni Motivatioun, ouni Justificatioun, einfach well se deen een oder deen anere gutt leide kënnen oder kennen.

An duerfir froe mer och, Mme Ministerin, ob Dir iwwert de Wee vu Soumissiounen déi eenzel Posten, déi hei virgesi sinn, realiséiere wëllt? Oder, wann dat net de Fall wier, Mme Ministerin, da stëmmt op jidde Fall den ADR géint dëst Gesetz, well mir der Meenung sinn, dass, wa mer ee Soumissiounsgesetz hunn, ee sech och dorunner hale muss. D'Administratioun muss sech esou bewegen, datt dat an den Délaie geschitt.

Ech verstinn net, dass do esou latzeg verfuer gëtt. Et stelle sech awer nach Problemer, souguer am Kader vun dësem Gesetz.

De Centre ënnersteet dem Educatiounsministère an dee misst sech ëm déi Gestiou këmmen. Dat wier lo-gesch. Deem ass awer net esou. Et ass de Ministère des

Travaux publics, deen d'Aarbecht muss ausféieren an de Ministère de l'Education nationale et des Sports déci-déiert, wat kaaft gëtt.

Ech fannen, dass dat net an der Rei ass an ech hätt gären, Mme Ministerin, dass Der ons sot, wéi dat an der Praxis soll virsechgoen.

Dat zweet ass: Wann ech den Text kucken, da muss ech soen, Mme Ministerin, dass Der absolut Recht hutt, dass een hei muss eng Installation d'un système d'obscurcissement des façades kafen. Dat ass bei dësem Bau op jiddfer Fall néideg, dass nure keng Luucht an dee Bau erakënnt, wéi dee finanzéiert a gebaut ginn ass.

Et stelle sech och nach Problemer vu Sécherheet. E Système d'obscurcissement des façades ass och dat, wat hei gebraucht ginn ass vum Législateur, nämlech d'Garantiegesetz, well do kann een och net soen, dass dat transparent ass. Wann d'Cour des Comptes euro-péenne scho seet, et wier net transparent an et wier bal abusiv, dass keen europäesche Steierzueler kann erausgesi wie wat finanzéiert huet an ob dat och berechtigt ass, da kann de Lëtzebuerger Steierzueler et och net herausgesinn.

Wat méi schlëmm ass, dat ass, dass ons Cour des Comptes emol iwwerhaapt kee Moyen huet, fir iergendeng Investi-gatioun ze maachen, fir nozefroen, ob dat alles richtig ass, wat hei steet, an ob d'Suen iwwerhaapt richtig ausgi gi sinn.

Hei ass e Gesetz, wat mer op kee Fall als ADR kënnen stëmme an dofir wäerte mer och géint dëst Gesetz stëmme, net well mer mam Prinzip vum Kaf net d'accord sinn, mä mat där Aart a Weis wéi dat an der Vergaangenheet gehale ginn ass, mat där Aart a Weis wéi hei den Dossier traitéiert ginn ass a well mer mat dem Wee iwwert d'Loi de garantie op kee Fall kënnen d'accord sinn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, all puer Méint beriff d'Société de Préhistoire et d'Archéologie parlementaire zu enger Sitzung zesummen, fir eng Grieweröffnung ze maachen op dem Här Goebbels sengem gigantesche Kierfecht vun Eléphants blancs. Mir ginn esou lues midd, well egal wéi eng Projeten hei optauchen, ob et Projete sinn, déi mer deemools refuséiert hunn, där deene mer zougestëmmt hunn, mir kommen eis einfach verschaukelt vir, well mer deemools eigentlech hätte misse bei all Projet plus 50% oder souguer plus 100% bäi-rechnen.

Ech wëll net weider op dee Sujet agoen, well mir soen all Kéiers datselwecht. Ech wëll kuerz soen, dass mer bei dësem Projet eis enthalen, fir déi Dépensen net wëllen a Fro ze stellen, mä anerersäits muss een awer soen, dass et esou lues duergeet an iergendwann eng Kéier musse

Prozedure fonnt ginn, dass mer als Parlament kënnen en âme et conscience Budgete stëmmen, déi plus ou moins agehale ginn.

Mir wënschen trotzdeem dem Tour de France e gudden Départ an hoffen, dass den Här Goebbels net de Culot huet och nach op der Tribün do opzetauchen.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Dat ass schrecklech onsportlech!

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Colombera.

M. Jean Colombera (ADR)- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci, deen drëtte Merci fir haut, un d'Rapportrice, d'Mme Durdu, fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport.

An dësem Gesetzesprojet geet et ëm eng Rallonge financière vum Sports- a Kulturzentrum um Kierchbierg, dat heescht, mir mussen en neie Kredit stëmmen, fir dass dësen Zentrum esou séier wéi méiglech seng Dieren opmaache kann, dat haaptsächlech doduerch bedéngt, well den Tour de France fir een Dag seng gesamt Veloséquipen an dësem Zentrum presentéiert.

Wéi dëse Projet déposéiert gouf, ass vun enger Zomm vun 5.321.000 Euro, 215 Milliounen ale Lëtzebuerger Frang, geschwat ginn. Dat war de 16. Januar 2002. Knapp dräi Méint duerno ass dës Zomm op 7.035.000 Euro eropgehuewe ginn, dat heescht 282 Milliounen Lëtzebuerger Frang, een Ennerscheed vu 67 Milliounen Frang.

Déi éischt Fro, déi ee sech stelle kann: Wéi ass et méiglech, dass tëschent der Meenung vun den Expären am Educations- a Sportsministère engersäits an dem provisoersch definitive Käschtepunkt anerersäits eng Differenz vu 67 Milliounen Frang besteet? Am private Secteur géif et zu enger grousser Contestatioun komme bei esou enger Differenz.

Ass et wouer, dass de Sportszenter fäerdeg muss sinn, wann den Tour de France fir e puer Deeg zu Lëtzebuerg ass, an dofir vläicht egal wat fir ee Präis bezuelt gi wär, eventuell net nëmme 7 Milliounen Euro, mä souguer 8 oder 9 Milliounen Euro?

Ironie vum Schicksal. Wéi 1995 e Gesamtprojet fir 3,5 Milliarde Frang proposéiert gouf, ass gesot ginn, et wär ze deier an d'Velospist, déi virgesi war, ass einfach aus dem Projet gestrach ginn. Eng Velospist, déi ëmmer gutt gewiescht wär, ass geaffert ginn, an haut gi keng finanziell Mëttele gescheit, fir d'Equipé vum Tour de France am neien Zentrum ze presentéieren, och wann dat nëmme fir e puer Stonnen ass.

Nodeems d'Velospist gestrach gi war, huet de Projet nach 2,5 Milliarde Lëtzebuerger Frang uitgemaach. Eng éischt Rallonge, déi den 11. August 2001 gestëmmt gouf, war fir 578 Milliounen Frang u Supplémenten ze bezuelen. Déi zweet Rallonge, déi haut proposéiert gëtt,

ass 282 Milliounen Frang, esou dass mer momentan schonn 860 Milliounen Frang iwwert dem urspringleche Käschtepunkt leien, also bal 1 Milliard, an et ass nach net fäerdeg. Loosse mer eis emol nach eng Kéier iwwerraschen.

Wéi gëtt dës Rallonge elo finanzéiert? Op d'Dränge vum Statsrot an nom Désaccord vun der Budgetskontrollkommissioun vun der Chamber, déi net wollten, dass déi heiten Dépense duerch en net begrenzte Budgetskredit sollt gedeckt ginn, ass dann op eng elegant Manéier op de Fong vum Garantiegesetz vum 13.4.1970 zrëckgegraff ginn.

D'Regierung selwer war net heimat d'accord: "Les acquisitions faites deviendraient, tout comme le bâtiment, la propriété de la société de financement jusqu'au remboursement par l'Etat."

D'Chamberkommissioun war an enger éischter Phase géint d'Finanzéierung duerch d'Loi de garantie. Wéi et net aneschtens méiglech war, huet d'Educationskommissioun fir d'Loi de garantie optéiert. Also de Stat ass net méi Propriétaire bis hie seng Schold un déi Finanzgesellschaft zrëckbezuelt huet.

D'Regierung muss elo géint hire Wëllen an de saueren Apel bässen, well et ganz dringend ass. Mir als ADR hunn eis Problemer mat dësem Garantiegesetz a sinn der Meenung, dass d'Garantiegesetz am Joer 2002 net méi dierft bestoen an ofgeschaaft misst ginn. D'Kritären, déi 1970 esou e Fong justifiéiert hunn, bestinn haut net méi, also dierft et keng Loi de garantie méi ginn. Trotzdeem arrangéiert dës Loi de garantie verschidde politesch Acteuren. Dat gesi mir haut bei dësem Projet. Eng gutt Tromp soll ee bis zum Schluss behalen.

Wat wär geschitt, wa mir dës Loi de garantie, dësen "deus ex machina", haut net gehat hätten? Wou wärend d'Equipé vum Tour de France da presentéiert ginn?

Bei engem Bauvorhaben, dat vum Stat gedroe gëtt, gëtt de Käschtepunkt systematesch ënnerschätzt. Et läit ni eng detailléiert Fiche financière bäi. Eng Rallonge financière muss praktesch ëmmer adoptéiert ginn. Dat sinn Zoustänn, déi am Privatsektor net an deem Mooss, wéi et hei de Fall ass, toleréiert géife ginn.

Mir sinn net zefridde mat dëser Prozedur, mat der Aart a Weis wéi d'Steiergelder mat Nonchalance, "larga manu" an dëser Saach ewechgehait ginn, fir den Dirigent vum Tour de France an der internationaler Press ze weisen, wat mir awer fir en dichtege Sportskomplex hunn.

Et wier besser, wa méi Sportler géife gefördert ginn, well Talenter hu mir am Land genuch, et brauch een hinnen nëmme besser Konditiounen, ënner anerem eng gesécher Aarbechtsplaz no hirer Carrière, unzebidden.

Dës gesot, wäert den ADR säin Accord zu dëser Rallonge net ginn.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen d'Noutwendegkeet vun esou enger Sportsinfrastruktur, wéi se vum nationale Sportszenter duergestallt gëtt, déi gëtt vu kengem a Fro gestallt, awer wéi en elo realiséiert gëtt a wéi dat finanziell duerchgezu gëtt, dat muss enger grousser Kritik ënnerworfen ginn.

Am Ufank war e Projet éabliert gi vun 3,5 Milliarde Frang. Dat huet geschéngt ze héich ze sinn, fir dass ee kéint de Projet duerchbréngen. Dunn ass gesot ginn, mir reduzéieren de Bauvolumen an d'Velospist ass erausgeholl ginn. De Projet huet sech dann op 2,5 Milliarde Frang belaf.

Et huet sech awer gläich erausgestallt, dass dee Projet vun 2,5 Milliarden eng Rei vu Saachen net erfaasst hat, zum Beispill d'Aarbechte fir d'Alentouren ze aménagéieren, de Parking. Do ass eng éischt Verlängerung vun dem Geldstrang komm. Elo gëtt da gesot, et brauch een nach eng zweet Verlängerung, fir dat technesch Equipement, fir de Funktionement vun der Anlag iwwerhaupt ze garantéieren.

Mir kommen elo bal erëm op den ursprüngeleche Käschtepunkt vun 3,5 Milliarden, allerdéngs ouni d'Velospist. Et hätt ee sech d'Fro kënne stellen, ob een net direkt gesot hätt: Mir zéien de Projet esou duerch wéi en ursprüngelech war, mä da wäre mer doudsécher wäit doriwwer aus.

Vum Planereschen ass et also eng Onméiglechkeet, obschonn och doraus keng Konsequenze gezu ginn. De Standpunkt vun der öffentlecher Verdinggab muss een och uprangeren. Déi technesch Ännerungen, déi virgeholl gi sinn, déi hätten zum groussen Deel, och wat d'Vergréisserung vum Bauvolumen ubelaangt, misse kënne ageschat ginn.

Deen, deem de Marché kritt huet, dee profitéiert vun all Extensioon vun deem Marché, well dat jo alles gewéinlech iwwer Marchés de gré à gré geet, dat heescht, et mécht een eng Soumissioun fir e Volumen, esou wéi en ursprüngelech duergeluegt ginn ass, a leschten Enns huet een awer eng Soumissioun realiséiert vun engem Volumen, deem 1 Milliard bal doriwwer ass. Dat ass net méi hinzehuelen am Kader vun der öffentlecher Verdinggab.

A wann et eleng schonn nëmmen deem Aspekt wär, da misst ee géint dëse Gesetzesprojet stëmmen, mä well ech d'Noutwendegkeet vun esou enger sportlecher Infrastruktur awer agesinn, wäert ech mat engem klengen Jo dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mengem Virriedner, dem Här Colombera, muss ech soen, dass e mat senger Behauptung, déi Rallonge géif der Chamber virgeluegt ginn, wéinst der Presentatioun vun de Coureure vum Tour de France, total niewent dem Dill läit.

Och kann ech lech soen, dass d'Bâtiments publics en Ecran kaaft hunn zu Hannover op der Mess vun ongeféier 30 Milliounen. Wann eppes un deem Ecran kënnt, do ass leider déi Firma, déi e geliiwert huet, en faillite. Dat huet mat der Presentatioun vum Tour de France awer net dat Geréngsten ze dinn. D'Installation d'obscurissement iwwregens och net, esou dass ech soe muss, Här President, dass dat hei falsch Behauptung sinn, an dass déi Rallonge hei net wéinst enger Manifestatioun, déi an där Coque stattfënnt, soll gestëmmt ginn.

Iwwregens ass déi grouss Ouverture vun dem Centre national sportif et culturel den 8. Juni. Dat ass e Mount virdrun. Déi Rallonge hei, déi déngt och derzou, fir déi offiziell Inauguratioun ze maachen a fir déi vill Sportsévénementer, wéi zum Beispill Basketball, an esou virun, Tournoien, déi schonn ustinn, kënne ze organiséieren. Dofir muss een e bësse méi nuancéiert sinn an deem, wat een hei seet.

Da muss ech natierlech soen, ech fannen et ëmmer interessant, wann den Här Krecké hei op d'Tribün kënnt. Mir hunn e jo President vun där Budgetkontrollkommission gemaach an e schwätzt elo vun enger Rigueur vun de Statsfinanzen, déi, wéi si an der Regierung waren, si ni kannt hunn.

Och wann d'Mme Brasseur elo heihinner kënnt, fir déi Rallonge ze froen, däréi een awer net vergiessen, dass et sech hei ëm e Bauprojet vum Här Goebbels handelt, an dass et erëm ee vun deene ville Kadaveren ass iwwert déi eis Membere vun der Regierung, déi déi sozialistesche Ressorten iwwerholl hunn, mussen trëppelen.

Si verlaange vun eis, mir sollen dauernd an d'Zukunft kucken a fir d'Zukunft schaffen. Mir ginn net fäerdeg de Sozialisten hir Mësstänn, déi se produzéiert hunn, iwwerhaupt op eng einegermoossen uerdentlech Schinn ze kréien. Ech muss soen, do happert et e bësse mat der Rigueur vun der sozialistescher Partei.

Mä wat awer interessant ass, et war net nëmmen den Här Goebbels, deem de Bauminister war an deem 1996 dee Projet virgestallt huet, mä den Här Krecké war Rapporteur. Et ass ganz interessant, wann een emol noliest, wat en den 2. Abrëll 1996, Dëschdes mëttes, gesot huet. Ech zitieren en: "En eminente Chronist aus enger Dageszeitung huet gemengt" an elo seet hien, "et ass ee vu menge fréieren Aarbechtskolleegen an dofir däréi ech dat esou soen, d'Chamber géif hei eemol méi e Projet stëmmen, ouni finanziell ze wëssen, wéi d'Fonctionnementskäschte sinn. Ech muss dann de mea

culpa maachen", fiert e virun, "well mer déi Elementer net mat an d'Documents parlementaires agebaut hunn, déi mer geliiwert kritt hunn, an zwar" - an da komme Gänseféisecher - "«Prospections concernant les frais d'exploitations du Centre national sportif et culturel»."

Dat ass net mat an de Rapport agebaut ginn, well an den Travaux publics war d'Haaptausrichtung dee vum Bau, an net dee vum Fonctionnement. D'Mme Brasseur, déi deemools de Spriecher war vun der DP, huet zwee Amendementen erabruucht, déi natierlech ofgeleent gi sinn. Mir hunn eis awer deemools duerchgerongen - bien entendu -, dee Projet am Intérêt vun de Sportler hei zu Lëtzebuerg ze stëmmen.

(Interruption)

D'Mme Brasseur huet op all déi Mëssstänn do an hirer Interventioun deselwechten Dag och higewisen. Si huet zum Beispill en Artikel aus dem Lëtzeburger Wort zitëiert - dat war jo deemools fir een, deen an der Oppositioun war, och net eng alldieglech Saach. Ech zitëieren elo och deen Artikel:

(Interruption)

"Auch über Unterhalts- und Nachfolgekosten schweigen die vorliegenden parlamentarischen Dokumente sich gründlich aus, sodass die Mehrheitsabgeordneten erneut grünes Licht zu einem parlamentarischen Blindflug machen müssen." Dat fannen ech awer interessant, wann een dat liest. Wann ech haut kommen a jiddferengem eng Lektïoun erdeele wëll, wéi d'Statsfinanze gëréiert musse ginn, wéi sou Projekte ugaang musse ginn, a wéi déi Rallongë gestëmmt musse ginn, a wéi dat prozedural funktionnéiere muss, wann ech also vun där Rigueur ausginn, da muss ech awer och wëssen, datt ech de Bockel voller Fléi hunn, wéi et virdru war,...

(Interruptions et hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- ...dat heescht also, datt si, wéi se an der Regierung waren, 1996, mat darselwechter Rigueur déi Projeten hei an d'Chamber bruecht hätten.

Ech soen Iech merci, Här President.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké nach gefrot. Den Här Krecké huet d'Wuert.

(Interruptions et hilarité)

Une voix.- Bei där éischter Rallonge hat Dir awer och net richteg gerechent.

Une autre voix.- Ech kann net rechnen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kënnen d'Diskussiounen och esou féieren. Sou kann ee se effektiv och féieren, zur ganz grousser Belustigung vun e puer Leit. Et kann een - an

ech hu probéiert, dat net ze maachen - eng topesch Polemik hei opkomme loosse. Ech hunn dat net gemaach, well ech wëll Iech emol soen...

(Interruption)

Här Rippinger, e Rapporteur ka jo net bis an den Detail e Projet kennen. Dat ass dach ridicule! Wéi wann hei iergendeen...

(Interruptions)

Une voix.- Abee jo!

Une autre voix.- Op eemol!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Also, Här President, mir kënnen lo décrétéieren, dass vu lo un all Rapporteur effektiv all Schrauf kennt, déi an e Gebai kënnt, an och all Zill kennt. Dat kënnen mer maachen. Wa mer awer verstänneg sinn, da soe mer einfach, dass mir hei, grad wéi de Minister och drop ugewisen ass, dat, wat seng Servicer him virweisen, als Décompte oder Budget unzehuelen, genausou mussen unzehuelen.

Mir kënnen awer och doriwwer e ganze Koup Polemik féieren, wat déi zweet Rallonge da bedéngt. Do si lauter Dépenses dran, déi bekannt waren. Et ass dat, wat mech jo rose gemaach huet. Si ware bekannt zu deem Zäitpunkt, zu deem mer d'Parkingen an d'Alentour gestëmmt hunn, an déi, aus Gott weess welchem Grond, zu deem Zäitpunkt net agefloss sinn. Et koumen der nach dobäi am Laf vun der Zäit, nämlech tëschent dem Dépôt vum Projet an dem Vote, elo koume jo nach Rallongen derbäi, och Fräen, déi anscheinend kee gemierkt hat. Ech huele gär all Schold op mech, an et kann ee sech froen, woufir de Rapporteur sou eppes net wousst. Mä jiddferree vun de Kollege weess, dass, wat hei virbruecht gëtt, lächerlech ass.

Da wëll ech e Wuert soen, zu dem Fonctionnement an der Exploitatioun. Et wier richteg, wa mer, bei allem, wat mer bauen - inklusiv Tief- awer haaptsächlech Hochbau -, e Budget prévisible virleien hätten, wat déi jeeweileg Gebaier u Fonctionnementskäschtchen bräichten. Mais je vous mets au défi, an all deene Jorzéngte virdrun nozekucken: Mir hunn dat nämlech an all deene Jorzéngte virdrun net gemaach. Mir hunn eréischt lues a lues ugefaange bei gréissere Bauten, zumindest eng Evaluatioun virzeleeën. Wat hu mer dann hei diskutéiert a virgeluegt, wa mer iwwer eng Schoul geschwat hunn, an doriwwer, wat de Fonctionnement vun enger Schoul ass? Ech war net an där Kommissioun. Hutt Der d'leschte Kéier, wéi mer hei iwwer de Lycée Péiteng ofgestëmmt hunn, en detailléierte Budget de fonctionnement vum Lycée Péiteng virgeluegt, jo oder nee?

Une voix.- Jo!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wou dann?

Une voix.- Am Projet.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- De Fonctionnement mat de Paie vun de Proffen!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Ech huelen awer gären deen dote Budget a kontrolléieren en dann dono, wann Dir déi Rigueur do an de Fonctionnement wëllt bréngen. Also, et kann een eng Evaluatioun maachen, mä Dir wësst ganz genau, Här Strotz, dat do ass net méiglech an deem dote Mooss.

Da wëll ech lech soen, Här President, den Här Rippinger huet jo nach aner Aufgaben zu dësem Zäitpunkt, an en hat se och. An d'Mme Brasseur muss ech jo leider och doran abezéien, mä, wann een esou eng onnëtz Polemik vum Stapel léisst, da muss ech dat heite soen: Wann ech an der Stad Lëtzebuerg esou vill Dépassementer hätt, wéi dat an der Stad Lëtzebuerg de Fall ass, da géif ech hei net op meng grouss Päerd klammen, da géing ech bescheide bleiwen, an ech géif no Explicatiounen sichen. Här Rippinger, wann ee fäerdeg bréngt, vu 700 Milliounen op 1,5 Milliarde bei Ärem Musée hei nienwdrun ze kommen, wann ee fäerdeg bréngt, den Theater lo zwee-, voire souguer dräimol méi deier a senger Ausrichtung schlussendlech ze kréien, wéi e virgesi war, da géif ech awer Bescheidenheet üben, als Politiker, an net deen Theater opféieren, deen Der hei opgefouert hutt.

Ech soen lech merci.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Mme Minister vun der Educatioun, d'Mme Anne Brasseur.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

D'Wuert huet elo d'Mme Minister Brasseur. Déi aner sollen nolauscheren.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt Momenter am politesche Liewen, déi ganz freedeg sinn, et gëtt anerer, déi si manner freedeg. Dat hei ass ee vun deene Momenter, déi alles anescht wéi flott sinn. Wann ech soen alles anescht wéi flott, dat ass, wann een als Minister muss virun e Parlament kommen, fir eng Rallonge vun engem Devis ze stëmmen, en Devis, dee schonn eng Kéier adaptéiert ginn ass. Dat ass wierklech net flott, an nach gehéiert et dozou, an ech stinn och dozou, dass een als politesche Responsablen och d'Responsabilitéit hëlt; an ech huele se. Explicatiounen, firwat et zu deenen Dépassementer koom, sinn hei gemaach ginn. Et ware Leit derbäi, déi an d'Vergaangenheet zréckgaange sinn. Ech wëll dat net maachen, well dat de Problem net léist, virun deem mer am Moment stinn.

Et ass e generelle Problem, wann d'Devisen opgestallt ginn, dass e Präiss geholl gëtt, a gemengt gëtt, et kéint

een net esou vill Suen ausginn, an da gëtt e bëssen um Programm gekierzt, an och um Devis. Da geet et dono net op. Dat hate mer a verschiddene Projete lo; ech erënneren un de Lycée vu Mamer beispillsweis, wou och d'Alentouren net dra waren. Or, d'Alentouren gehéieren zu engem Bau. Ech ginn all deene Recht, déi hei soen, wa mer an Zukunft Devisen, mir als Regierung hunn, an Dir als Chamber stëmme sollt, dass een och kucke muss, ob alles dran ass. Da kann een dee Moment zwar nach net mat Sécherheet soen, ob dat dann och dee Präis ass, deen zum Schluss respektéiert gëtt, well meeschtens vun der Préparatiounsphas un, wou d'Programmation gemaach an den Devis opgestallt gëtt, bis zu der Exécutioun, ganz vill Zäit vergeet. Do kënnt et zu enger Evolutioun vun de Präisser; et kënnt awer ganz oft zu enger Adaptatioun vum Programm, well och d'Technologie virugeet, et kommen och ganz oft aner Moossnamen, déi ee mat aflësse loosse muss, aner Sécherheetsbedingungen, déi beispillsweis mat aflësse mussen, déi een am Virfeld net wësse konnt, soudass den Devis méi deier ka ginn. Mä, wann dat esou ass, soll een direkt erëm virun d'Parlament kommen.

Wat ass hei geschitt? Loosse mer dëse Projet elo kucken, an déi Zousätz, déi mer nach stëmmen. All Kéier, bei jiddfer Projet, gëtt en Devis gestëmmt, an da gëtt emol fir d'éischt de Bau opgeriicht, an et ass ëmmer dann zum Schluss, dass déi Suen, déi am Fong fir den éischten Equipement virgesi sinn, feelen, well se scho virdu fir aner Saachen utiliséiert gi sinn, an der Hoffnung, dass een iergendwou nach dotëscht Economië maache kann, fir dass zum Schluss d'Rechnung awer nach opgeet. An da stellt ee fest, dass se net opgeet. Et kann een awer net e Bau opmaachen, wou dann den Equipement net dobäi ass; den Equipement gehéiert nun eemol dozou.

Dat ass hei net anescht. Hei si mer bei engem Projet, deen awer sou eng Envergure huet, wou mer och selwer hei zu Lëtzebuerg an ons Verwaltung keng Erfahrung dran haben. Dat ass och hei vum Här Haupt ganz richtig ënnerstrach ginn. Mä, wann ech keng Erfahrung soen, da muss ee sech och d'Fro stellen, ob mer net fir Projeten, déi esou en Ausmooss hunn, ons fir d'Chantiers selwer d'Expertise no bausse kafe goen, well d'Verwaltung selwer - menger Meenung no - mat deene limitéierte Ressources humaines, déi se hunn, dat doten net an deem Ausmooss suivéiere kënnen.

Wann ech soen, dass et zu Adaptatiounen komme muss, gesäit een: Et ass hei e Projet gemaach ginn, deen architekturesch prachtvoll ass, deen awer net onbedéngt alle Besoine vum Sport Rechnung dréit; an zwar muss fir verschidde Sportsarten eng Sportshal ouni natierlecht Liicht fonctionnéieren, dofir kann een dann net an enger Hal, an där awer vill Glas ass, am Dag a bis owes spéit sou Sportsarte maachen. Et kéint ee sech och net virstellen, dass dat nëmmen nuets stattfanne kann. Do ass am Ufank, wéi dat constatéiert ginn ass, gesot ginn: Jo,

mir maachen dat dann iergendwéi zou. Déi Kuppelen sinn awer net riicht, an et ass därmoossen eng schwiereg Operatioun, dass do fir d'éischt Etüden hu gemaach musse ginn. Dir hutt dat am Devis mat dran. Et huet ganz laang gedauert, bis mer déi Chiffren haten, an et war leider an deene Chiffre vergiess ginn - dat ass en Detail, gëtt da gesot -, dass duerch déi Dieren, déi an d'Hal féieren, Luucht erakënnt. Dat war net mat age-rechent ginn, well ee gemengt hat, dass dat net schlëmm wier. Awer och do kënnt Luucht eran, an och dat muss verdunkelt ginn. Dat ass ee Beispill dofir, dass sou engem Detail, deen awer an d'Geld schléit, an dee fir de Sport wichteg ass, méi Soin bäigemooss muss ginn.

Dat Zweet ass Multimedia. Et ass op der Foire zu Hannover e groussen Tableau Multimedia geleast ginn, an do hu verschidde Leit gemengt, et wier gutt, wann een dee fir d'Hal kafe géif. Den Tableau ass och formidabel, mä en ass awer net fir Sportszwecker gë-eegent, well do extra Norme gemaach musse ginn. Dat ass leider geschitt. Bei de Multimedia muss een och soen, dass do duerch d'Evolutioun vun der Technologie sou Progrès koumen, deenen, déi Zäit, zu där hei den Devis opgestallt ginn ass, nach net Rechnung gedroe ginn ass. Mir kënnen awer lo net, just fir dem Devis conforme ze sinn, eppes bauen, wat muer schonn iwweraalt ass.

Da sinn en drëtte Punkt an dësem Dépassément den Hébergement an d'Restauratioun. Den Här Goebbels hat deemools als Bauteminister geduecht, et wier gutt, wann een all dat, wat Hébergement a Restauratioun ubelaangt, a privat Hänn géif ginn. Da wier et un deem, deen als Exploitant do erakéim, fir et ze équipieren an ze finanzéieren: D'Better mam Gedecks, wéi och Dëscher a Still an alles, wat dozou gehéiert. Or, et huet sech erausgestallt, dass et keen Interessent gëtt, fir op dee Wee ze goen. Et fënnt een en Exploitant fir dat Ganz, wann en den Equipement dohinner stellt. Mir kënnen awer net soen, dat wier am Devis net virgesinn, lo sinn zwar Zëmmere gebaut, mä mir hu keng Sue virgesinn, also ginn elo keng Better kaaft, an da bleift déi Hébergementsméiglechkeet ongenotzt. Och dat muss een da gesinn, a soen: Et ass anescht agetrueden am Dossier, an dofir musse mer eng Rallonge stëmmen.

An da ware wierklech sou Oublié virkomm. Et ass eng riseg Hal mat ganz vill Technik; et ass ganz héich. Et ware keng Weenercher virgesinn,...

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

...fir botzen ze goen. Et kann ee soen, dass dat ganz kleng Detailer sinn; se gehéieren awer zum Basis-equipement, a wann et déi dote Gréisst huet, da schléit dat onwahrscheinlech an d'Geld. Wann een dat alles da summéiert, da kënnt een op déi Chiffren, déi elo grad genannt gi sinn, a fir déi mer en Dépassément stëmmen müssen.

Wann ech uganks gesot hunn, dass ech wierklech alles aneschtens war wéi frou, dann ass dat richtig, well et ni flott ass, wann een e Projet verteidege goe muss, an ee seet, et ass sech am Virfeld géiert ginn. Dass sech géiert gëtt, schéngt mir bei Projekte vun där Envergure net ausgeschloss. Mä mir müssen ons Mechanisme ginn, fir dat vill besser am Grëff ze halen, am Virfeld, beim Etablissement vun den Devisen. Während der Bauzeit muss ee kucken, dass een do den Devis mat den Dépense vill méi no beieneen huet. Wann et gutt Grënn ginn dofir, dass, weinst beispillsweis der Evolutioun vun der Technik, oder well een eppes vergiess huet - dat kënnt bei jiddferengem vir -, et zu engem Dépassément muss kommen, da muss een dat bäizäite soen, dass mer déi Kurskorrektur bäizäiten zesumme virhuele kënnen.

Ech soen op jidde Fall all deene merci, déi hei intervenéiert hunn, an d'accord sinn, och hir Responsabilitéit ze huelen. Hei gëtt et kee Schëllegen, géif ech soen. Hei gëtt et nëmmen ee Gewënner, wa mer eis Responsabilitéit huelen, an dat ass de Sport.

Ech soen lech villmools merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4900, a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4900.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 48 Jo-Stëmmen, 6 Nee-Stëmmen a 5 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

M. Jean-Pierre Koepp;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert García, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Jean Huss).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir haten eis virgeholl, dass mer um sechs Auer ophale géifen. Elo sinn awer nach d'Konten do an da gëtt et e bësse méi spéit wéi sechs Auer, an duerfir wollt ech d'Chamber consultéieren. Ech kënnt mer virstellen, dass, wann ech d'Riednerlëscht huelen an et komme keng méi dobäi a wa jiddferee sech u seng Riedezäit hält, da kënnte mer zéng op sechs fäerdeg sinn.

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Mir maachen et esou wéi mer et décidéiert haten.

M. le Président.- Dann hale mer direkt op?

(Assentiment)

Dat ass de Wonsch vun der Chamber. Ech wëll lech awer nach soe wéi et weidergeet. D'Presidentekonferenz ass haut de Moien zesummekomm an huet fir déi nächst Woch Folgendes virgeschloen:

- D'Chamber siégéiert en Dënschdeg, de 14. Mee um dräi Auer, e Mëttwoch, de 15. Mee moies um néng Auer an nomëttes um halwer dräi an en Donneschdeg, de 16. Mee nomëttes um halwer dräi.
- D'Sitzunge vun en Dënschdeg an e Mëttwoch gëllen der Debatt zur Lag vun der Natioun. Heibäi ass eng Riedezäit nom Modell 6 virgesinn. Dëse Punkt gëtt ofgeschloss, och wann d'Sitzung vun e Mëttwoch de Mëtteg muss no halwer siwe verlängert ginn.
- En Donneschdeg hu mer eng Aktualitéitsstonn vun deene Gréngen iwwert de Pavillon maritime, d'Question avec débat 23 vum Här Aly Jaerling iwwert d'Fleegeversécherung an de Rescht vun deem Ordre du jour, dee mer haut den Owend net evakuéiert kréien.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert an domat wier d'Sitzung opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.38 heures)